
## LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN

GUIDES ET SCOUTS DU LUXEMBOURG

RGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

# Theater den 27 & 28 Januar 2001

## Sandweiler Aventuren & Explorer



# HALLIGALLI AN DER BANK

E leschtegt Theatersteck, geschriwen vun Sandweiler Aventuren & Explorer.


**Persounen** :

| | | |
|---|---|---|
| Bankdirecter (Fränz Kneckert) | (g) | : ______________________ |
| 1. Sekretairin (Joffer Madeleine) | (g) | : ______________________ |
| 2. Sekretairin (Joffer Liette) | (g) | : ______________________ |
| Caissier (Jempi) | (g) | : ______________________ |
| Bancomat (Banky) | (k) | : ______________________ |
| Botzfra (Joffer Sydony) | (m) | : ______________________ |
| Securitasmann (Péitchen) | (g) | : ______________________ |
| Bôm (Henriette Klabbes) | (k) | : ______________________ |
| Bôp (Abbes Klabbes) | (m) | : ______________________ |
| Softy (Gaston Lacaaf) | (k) | : ______________________ |
| Punker (Mike Klepper) | (k) | : ______________________ |
| Mario (Liebespärchen) | (m) | : ______________________ |
| Marie-Paul (Liebespärchen) | (m) | : ______________________ |
| 1. Gangster (Edy Hallunke) | (m) | : ______________________ |
| 2. Gangster (Neckel Galgestreck) | (m) | : ______________________ |
| 1. Polizist (Colombo) | (k) | : ______________________ |
| 2. Polizist ( Kojak) | (k) | : ______________________ |

**Perseinlecht Material**:
Matratz, Aktenkoffer fir Direkter & Caissier, Kessen (M.-Paul)

**Bühnen Material**:
3x Guichet ouni Glas fir d'Sekretairinen & Caissier, Bureau mat accessoires (Direkter), Bancomat aus Carton, Still, Trennwand, Tresorscheld (Dier),

**Bühn:**



## Scen 1.:

*De Rido geet op. Op der Bühn den Securitasmann den op sng Auer kuckt. Sng Schicht huet em 7.00 ungefaang.*

SECURITASMANN : Waat ass daat hei en langweilegen Jo! Do get et dobaussen esouvill Reiber, ma mengt dir et geing een des Bank iwerfaalen?. Neen bis haut nach net.

*D'Botzfra, eng liewensfrou Frau kennt eran geschoss, an sie sengt hir gudd Laun eraus.*

BOTZFRA : Tralalalalala Tralalalalalalala. Bonjour Här Peitchen! Wie geet et iech? Huet nach keen ons Bank geklaut?

SECURITASMANN : Dir gesidd jo, et ass nach alles beim aalen, et hut nach keen sech getraut! An iwerhaapt, et ass jo nach frei am muergen.

BOTZFRA : Dir sot et! Sool ech iech eng Tass Kaffi maachen, well die Hären an Damen Employeen sin jo nach net hei. Dann huelen mir zwee eis et emol gudd.

SECURITASMANN : Oh jo, daat ass eng Idee.

*D'Botzfra get eraus 2 Taasen Kaffi sichen.*

SECURITASMANN : *Fir sech/*
Et ass eng fein Frau ons Botzfra, vun esou enger geing ech mech schons gären emmer verwinnen loosen.

*D'Botzfra kennt mat den 2 Taasen eran geschert, si faxt net laang, an setzt sech bei den Securtitasmann op de Schouss. Deen erschreckt.*

SECURITASMANN : Oh Joffer wann elo awer een kennt?

BOTZFRA : waat hescht hei wann elo een kent. Wem soll daat dann weih doen wann ech bei iech um Schouss setzen? Papperlapapp!

SECURITASMANN : Also wann dier dann mengt, dann bleiwt mol roueg setzen.

*Sie bleiwen eng Zait setzen, an drenken hieren Kaffi.*

BOTZFRA : Esou, elo get awer nach eppes klenges geschafft, net dat ech op emol roud gin wann d'Paie kennt

*D'Dier get op, an den Direkter kennt eran, hien huet eng Aktentäsch ennert em Aarm.*

DIREKTER : Bonjour Här Peitchen. Klappt et, ass nach alles an der reih?

SECURITASMANN : Ma secher Här Kneckert, waat mengt dir dann?

*Den Direkter geet hannert sain Schreiwdesch an paackt seng Map aus, an studeirt d'Akten. Den Jean-Pierre (Caissier) kennt eran mat senger Map ennert dem Aarm. Hien huet d'Flemm esouball ewei hien d'Bank gesait.*

CAISSIER : Bonjour Här Peitchen, Bonjour Madame Botzfra, as deen Aalen schons agelaaf?

SECURITASMANN : Pst! Hien as elo just op sengem Bureau!

CAISSIER : Ma hoffentlech bleiwt hien den ganzen Daag do!

*De Caissier helt plaatz op sengem Bureau. Dann kommen die zwou Sekretairinnen eran. Si schwaetzen iwert den Femsehsprogramm vun geschter.*

Dei 2 : Bonjour Här Peitchen, Bonjour Sydony, Sin mir schon fläisseg?

BOTZFRA : Bonjour dir Jofferen, hat dir e scheinen Weekend?

SEKRETAIRIN 1 : Här Peitchen waat ass iech dann geschitt, dir hut jo e blot Aan!

SEKRETAIRIN 2 : Ooh Här Peitchen waar daat aer Frendinn.

*Sekretairin 1 setzt sech bei den Caissier op de Schous fir hien ze treischten.*

CAISSIER : *Fir sech zu der sekretairin 2 :* Oh waat eng Gees! Daat war dach nemmen eng schiel Meck dei mir an d'Aan geflun ass!

SEKRETAIRIN 2 : *zu SEKRETAIRIN 1*: So! du Baurenkneppel wärs dach net mengen eisen Jean-Pierre geing eppes un dir fannen. Den ass dach eppes besseres gewinnt, esou eng kultiveiert Joffer ewei mech zum Beispill!

SEKRETAIRIN 1 : Du an kultiveiert? Du kanns dach mol keen Telefonsbuch vun engem Kachbuch ennerscheeden!

*An der Teschenzait schlappt en alen Mann durch d'Bank, hien huet eng Matratz ennert dem Aarm, an hien waart drop fir bedengt ze gin.*

CAISSIER *Fir sech* : Wärd dire zwee dach nemmen do wou den Peffer wiest! Dann hätt ech meng Rouh!

*Den Driekter huet den ganzen Tumult matkritt an det Kresch!*

DIREKTER : Kemmert iech gefällest em d'Clienten a Plaatz iwert Topech-keeten ze schwetzen.

*Sekretairin 1 bedengt ganz seier de Mann.*

## Scen 2.:

SEKRETAIRIN 1 : Bonjour, woumat kennen mir iech hellefen?

BOP : Eh....Eh, Bonjour Joffer, dir sidd jo nach eng Joffer oder?

SEKRETAIRIN 1 : Ah jo Monsieur!

BOP : Majo Joffer ech hun do e klengen Problem ....

SEKRETAIRIN 1 : Dofir sin mir jo hei.

BOP : Nen dir verstitt mech falsch ech geing gaeren ....

SEKRETAIRIN 1 : Ma secher direkt wann dir wellt e Momentchen ....

BOP : Elo, ech menegn dir sidd awer nach e beschen jonk vir esou Saachen Joffer, keint ech villaicht mat der aaler Geldschlaang ehehehe ech mengen Direkter schwaetzen?

SEKRETAIRIN 1 :E Momentchen w.e.g. ech gin froen.

SEKRETAIRIN 1 : *zum Direkter*: H¨r Kneckert huet dir e Moment Zait, do ass en eeleren Här deen gaer mat iech wellt schwaetzen.

DIREKTER : Dann brengt mir den Tuttebatti mol eran!

*Sekretairin 1 feiert den Mann an dem Direkter sain Bureau.*

DIREKTER : Bonjour Här Tutteba.... eh ech mengen Här ....?

BOP : Klabbes, Abbes Klabbes.

DIREKTER : Dann huelt iech mol Plaatz Här Klabbes. Woumat kann ech iech hellefen?

BOP : Majo wesst der bei ons dohem um Duerf do wor et an der leschter Zait jo roueg, mais ewell ass daat och net mei wouer. An der leschter Woch as beim Nopper zwee mol agebrach gin, an dun hun ech geduecht, „Abbes du muss eng aner Plaatz fir dain Geld sichen!"

DIREKTER : Dann sidd dir bei ons jo richteg!

BOP : Ech wollt mech emol informeiren wie secher dass main Geld dann op enger Bank wier.

DIREKTER : Ganz secher Här Klabbes, ganz secher.

BOP : Ass bei aerer Bank dann schons emol angebrach gin?

DIREKTER : Neen! Nach nie. Hei traut keen sech eran, ganz bestemmt net.

SECURITASMANN : JoJo leider net, waat geif ech deem ophelefen!

BOP : Kennt ech dann mol an aeren Tresor kucken?

DIREKTER : Ma secher! Kommt dir, mir gin emol kucken.

*Den Direkter an den Bop gin bis an de Keller. Et kent e Punker eran. Hien geet bis bei den Bancomat.*

PUNKER : Emol glotzen op nach Mecken dran sin.

*Hien stecht seng Kaart an den Automat.. Et geschidd guer neischt. Hien stecht d'Kaart vir d'zweet dran, nach neischt.*

PUNKER : Mescht! Elo geet de Schaisautomat schon erem net! *(Rennt mam Fous dran)*

BANCOMAT Au!Au! .... Tilt!

SEKRETAIRIN 1 : Kuck emol een sech deen do un, waat as daat fir e Fatzbeidel!

SEKRETAIRIN 2 : Esou eppes misst angespaart gin!

PUNKER : Waat as dier zwou opgetaakelt ... Huet dier eppes ze mellen?

CAISSIER : Endlech mol een den dei zwou erkannt huet! Hey Monsieur, ech muss hefteg protesteiren. Wie gitt dier mat denen zwou Jofferen em?

*De Punker zitt de Caissier iwert d'Teik a jaitzt.*

PUNKER : Waat ass Heini?

*De Punker helt eng Scheier eraus, an schneid dem Caissier d'Kravatte oof.*

PUNKER : Do elo hues du et du Gaardenzwerg! Wou ass dain Boss?

SEKRETAIRIN 1 : Et deet mir leed Monsieur, den ass leider verhennert. Hien dierf net gesteiert gin, hien ass am Tresorraum.

*De Punker sprengt iwert d'Teik, an hien geet bei den Direkter an den Tresoreraum. hien hellt den Direkter mam Coli an zitt hien eraus.*

DIREKTER : Lues lues, jonke Mensch! Waat as geschitt? Woumat kann ech iech hellefen?

PUNKER : ech hätt gaer Mecken!

DIREKTER : Mecken? Mir hun keng Mecken an eiser Bank!

PUNKER : Ma, Kröten haet ech gaer!

DIREKTER : Kröten sin an der Wiss!

PUNKER : Piepen!

DIREKTER : Piepen?.. Waat haet hien gaer?

SEKRETAIRIN 2 : Här Direkter, hien hät bestemmt gaern Suen!

PUNKER : Genau! Suen! Daat ass et, ech nennen daat Mecken, Kröten oder Piepen.

DIREKTER : Also weivill Suen wellt dir!

PUNKER : Also ca. 5000.-!

DIREKTER : Virwaat gitt dier dann net bei den Bancomat?

PUNKER : Den Schaiss geet jo erem net!

DIREKTER : Ma ech haat dach den Apparat geschter nach nokucken geloss! Egal ech gin iech d'Suen an d'Caisse sichen.

*Den Direkter wellt goen. Den Punker hällt hien awer un.*

PUNKER : Halt! Ech din do mat!

*Den Punker sprengt iwert d'Teik, an geet ma Direkter bei d'Kees.*

DIREKTER : W.e.g. Monsieur, hei sin aer Suen.

*De Punker sprengt zereck iwert d'Teik.*

PUNKER : Merci, an äddi dir Zatzen.

CAISSIER : Waat as daat do en Typ! Ass daat d'Jugenf vun haut? Ech fannen esou een muss direkt angespaart gin.

DIREKTER : Waat gin et awer Leit. *(Setzt sech op sain Pult)*

## Scen 3.:

*E smarthen gudd gekléeten Typ kkennt an d'Bank. Hien fiert sech mat der Hand iwer d'Hoer, mecht seng farweg Meck an d'Rei a geet bei de Guichet. Déi zwee Frâléit an de Caissier bemierken en mnett an schaffen weider, och den Direkter liest weider an senger Zeitung. Den Softy klappt ongedellech widder den Guichet.*

SOFTY : Pardon dier Damen, ech géif gären 1 Millioun vun mengem Compte ophiewen. Wesst der ech brauch en neien Auto, bei mengem Aalen ass den Aschebescher voll.

*Dei zwee kucken gleichzaiteg op hien.*

SEKRETAIRIN 2 : Hei elei, wien ass hien dann.

*Hatt wellt opstoen an un de Guichet stirmen. Mée d'Madeleine sprengt op an hällt hatt un.*

SEKRETAIRIN 1 : Komm du aal Puderdous, bleif op dengen 4 Buschdawen setzen. Den Här do wärt elo main charmente Service an Usproch huelen.

SEKRETAIRIN 2 : Waat glifft, du verschasse Schreckschrauf, haal gefällechst deng ongesénten Patten bei dir oder ech kraatzen der d'Aan aus. Ech servéiren den Här do.

SEKRETAIRIN 1 : Kennt net an d'Tut, dée kritt jo e Schlag wann en dech gesait.

*Den Direkter an de Caissier sin opgesprongen an wellen déi 2 Streithungen ausemén hâlen.*

DIREKTER : Dajé dir Damen, dir wärt iech dach elo net zerklappen weinst deem Client do.

CAISSIER : Soss mussen d'Leit bal de Guichet ofrappen bis dass éent vun iech zwée zerwéiert an elo zerklappen sie sech bal.

SEKRETAIRIN 2 : So, huet elo éen un dengem Koffer gereselt?(*zum Direkter*): Här Direkter déen do kennt ech mat Haut an Horen friessen.

*Den Typ géet vun Schreck e Meter hannert sech*

SEKRETAIRIN 1 : Verschleck dech alt net.

DIREKTER : Dir Damen daat eenzegt wat hei zielt sin seng Milliounen um Compte.

SEKRETAIRIN 2 : Oh dir hut jo kéen Härz, emmer nemmen Geld, Geld, Geld.

SOFTY : Här Direkter, fir dem Gedésems hai en Enn ze maachen, loost mech d'Joffer wielen déi mech zerwéiert.

DIREKTER : Dajé alt, mir ass et egal.

*Den Softy entschéed sech fir d'Madeleine.*

SOFTY : Dir do w.e.g.

*Dann fängt d'Liette fierchterlech un mat kraischen. Den Direkter brellt den Typ un:*

DIREKTER : Gesi der waat der ugeriicht hutt. Meng Sekretärinnen hai op eneen ze hätzen. Hai hudd dir ärt Geld an dann verdreckt der iech.

*De Client mecht sech ganz verdaddert ewech.*

## Scen 4.:

*D'Liebespärchen kennt Hand an Hand an d'Bank. Sie kucken sech ganz verleiwt un, d'Bankléit schaffen roueg weider. Marie-Paul as an aneren Emstenn (Kessen am Bauch).*

M-PAUL : So Mario main Hues, kaafe mir eng grouss Koutsch? Waat mengs du?

MARIO : Daat ass dach net esou wichteg Marie-Paul, fir mech muss se schnell sin. De Rescht ass net wichteg. Just aus Metall muss se sin.

M-PAUL : Metaliseiert ass net wichteg, d'Faarw ass dach egal, mei wichteg as den Komfort.

MARIO : Do hues de recht. Méé dékapotabel muss d'Koutsch awer och sin.

M-PAUL : Jo, wanns du mengs.

MARIO : Komfort ass ganz wichteg, méé éent muss ech awer soen, eng franséich kennt mir net an d'Haus. Leiwer eng italienesch, dei hun mei een scheinen Design.

SEKRETAIF

SEKRETAIF

GANGSTEF

GANGSTEF

GANGSTEF

*De Bop ken*
*Gängster ei*

GANGSTEI

*De Bop Ge*

BOP

*Dei zwee G*
*matt Stolz c*

BOP

SEKRETAI

*D'Bom ken*

BOM

BOP

BOM

*De Colamt*

COLAMBC

*De Kojek k*

KOJAK

M-PAUL : Ah nén, dat as mir zevill eng sportlech Form, ech hätt gä klassesches.

MARIO : wei klassesch!

M-PAUL : Méi ja, esou eppes mat Spetzen an seiden Iwerzich.

MARIO : Ma hues du dann e Rass an der Schossel, du wärs dach Iwerzich an dat neit Gefier wellen.

M-PAUL : Ah dach dorobber haalen ech.

MARIO : Dat as jo erem typech Fraamensch. Dir kennt jo iwwerha iwwerhaapt, ech hun am meeschten hei ze soen, ech mus Kutsch fuerren.

M-PAUL : HA ha ha dat giff ech awer gäer gesinn. Du, an mat der I

SEKRETAIRIN 1 :Dir Herrschaften w.e.g kann ech hellefen? Fir wat wier et'

MARIO : Ma et wier fir Suen ze leinen

SEKRETAIRIN 1 : Weivill braucht dir dann?

MARIO : Majo ech hätt un 800.000 Fr geduercht

M-PAUL: Ma hues du se nach all, dat gin der jo 10.

MARIO : Ma ech mengen du liews um Mount. Du Wäers dach net fir 80.000 Fr eppes kriss

SEKRETAIRIN 1 : Pardon, wann ech ierch muss steieren. Mee wat well dir

M-PAUL : eng Kannerkutsch

MARIO : en Auto

ZESUMMEN : WAT??

*Gängster kennt eran gestiermt*

GANGSTER 1 :HHää Hä Hände ho hoch!!

*Alles jäitzt an as erschreckt.*

GANGSTER 1 : (*scheisst an d'Luucht an deet kreesch*) Rou..roueg hei. V d'Geld.

BANCOMAT : Hei sin ech. Waat well der? Wei as äer Clientsnummer?

GANGSTER 1 :Rou..eg hun hun ech gesot.

BANCOMAT : Et as jo schons gudd. Ech soen elo neischt mei pip.